



Firwat soen ech dat haut? Well d'Zäitfenster, mengen ech, fir eng Reform haut do ass. D'Brexit-Verhandlungen (veuillez lire: Am Kader vun de Brexit-Verhandlungen), esou schlëmm et och kléngt, dass e Land d'Europäesch Unioun verléisst, muss och iwwert den Euratom diskutéiert ginn. A wann, de Fall gesat, Groussbritannien aus deem Vertrag wëllt erausgoen, dann ass d'Méiglechkeet do, fir och endlech eng kéier kënnen iwwert deen Euratom-Vertrag ze schwätzen.

Well an deem Vertrag, mengen ech, feelt e ganz groussen Deel wéi zum Beispill de Réckbau vun den Atomreakteren, d'Endlagerung vun de radioaktiven Offäll, sécher Tëschelager sinn och net erwänt, a kengem Text no mengem Wëssen, an de Verursaacherprinzip.

Ech mengen, et ass en Haftungsgesetz elo viru Kuerzem oder zumindest emol eng Propos vun der Regierung deposéiert ginn, fir d'Haftungsgesetz besser ze regelen. De Verursaacherprinzip ass an deem Euratom nach ëmmer net richtig geregelt.

Ech mengen, no 60 Joer kann ee wuel behaupten, dass et vläicht awer un der Zäit wär, fir den Euratom-Vertrag kënnen ze diskutéieren. Dofir, Här President, ech hat u sech eng Heure d'actualité ugefrot, déi ass ëmgewandelt ginn an eng Question élargie. Ech hunn dräi Ministeren och hei setzen. Ech wäert och probéieren, dann dräi Froen ze formuléieren. Ech mengen awer, dass et och gradesou wichtig wär, eng kéier an enger Kommissioun iwwert den Euratom selwer ze debattéieren, fir net zesumme vläicht eng Motioun kënnen ze verfaassen (veuillez lire: fir zesumme vläicht eng Motioun kënnen ze verfaassen), well mir kéinten och Virreider sinn an engem Parlament fir aner europäesch Länner, fir dass si och do méi Drock an deem Punkt maachen.

D'Fro also un den Ausseminister: Ginn et Méiglechkeeten, elo an der Brexit-Diskussioun och iwwert den Euratom ze diskutéieren? D'Kommissioun schéngt jo och dat emol maachen ze wëllen. Wou stinn d'Diskussiounen, wann der de Moment amgaange sinn? An et war eng kéier rieds och am Juni schonn eng kéier, dass doriwwer kéint diskutéiert ginn.

Dann eng Fro un d'Ëmweltministesch: Do waren Allianzen. Scho virdru bei der Fro iwwer Cattenom ass iwwer Allianze geschwat ginn. Ech mengen, Dir waart viru Kuerzem zu Berlin. Déi däitschsproocheg Ministere sollte vläicht op Lëtzebuerg kommen. Ass dat och e Punkt, wou een ebe kéint Allianzen opbauen?

An eng drëtt Fro wär da fir d'Statssekretärin aus dem Wirtschaftsministère, wëssend, dass d'Hänn do vill gebonne sinn. Ech mengen, ee gudder Moyer, fir géint Atomenergie ze schaffen, ass d'Förderung vun erneierbaren Energien. Ech mengen, dës Regierung huet an deem Punkt vill gemaach bei de Privatclintien - a Lëtzebuerg huet jiddweree grénge Stroum -, wëssend et ass e fräie Marché. D'Betriber kënnen sech fräi dobaussen akafen.

Et wär vläicht am Accord volontaire eng kéier unzeschwätzen, ob net och eis Betriber kéinte mat an déi Richtung goen, fir ze versichen, och nëmme grénge Stroum entspreichend ze fërderen, an och mat eise gréissere Stroumfournisseur, wëssend och do si mer Haaptaktionär, wëssend, och si sinn op engem fräie Marché. Awer vläicht besteet och do eng Méiglechkeet, méi op grénge Stroum ze setzen.

Merci. Domadder hunn ech meng Zäit just agehalen. Merci.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och. Jo, da fänkt den Här Ausseminister un.

## Prises de position du Gouvernement

► **M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et européennes.** - Ech ka vun hei aus dorobber äntweren. Ech sinn direkt fäerdeg.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Jo, da fuert duer!

► **M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et européennes.** - Jo, just ee Saz. Also, d'Kommissioun ass amgaangen nozedenken, mä si huet nach net accouchéiert.

## (Hilarité)

A mir hunn eis de Moien nach informéiert. Effektiv ass et esou, dass nach keng Kommunikatioun vun der Kommissioun, Här Kox, virläit. Wann déi Kommunikatioun virläit, dann, mengen ech, ass dat net nëmme eng Affär vun der Regierung, dann ass dat selbstverständlech och eng Affär mat der Chamber. An da si mer bereet, fir dann zesummen ze kucken, wat d'Kommissioun sech virstellt. Ech

weess net, ob dat eng gutt Nouvelle ass oder eng schlecht, dass se nach net konnt eppes op d'Blat bréngen. Der wësst, et gëtt d'Traktatiounen op deem Punkt an der Europäescher Unioun. Awer soubal wéi mer eppes wëssen, weess d'Chamber dat och.

Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci dem Här Ausseminister. An d'Wuert huet elo d'Madamm Ëmweltministesch.

► **Mme Carole Dieschbourg, Ministre de l'Environnement.** - Villmools Merci och dem Henri Kox, dass en dëst Thema op den Ordre du jour gesat huet. An ech mengen, en huet et gesot: Natierlech géif jiddweree gären der Meenung sinn, dass mer nach méi aktiv an nach méi Méiglechkeete sollte kucken, fir ze kloer géint Cattenom. Mä à ce stade - an ech widderhuelen dat nach eng kéier, wat ech och virdru scho gesot hunn - gëtt et keng formell Decisioun a Frankräich fir eng Betribsverlängerung. Déi hunn eng Autorisatioun op Liewenszäit. An dofir kënnen mer à ce stade net agräifen als Stat, fir do eng Klo ze maachen.

An ëmsou méi wichtig ass et, iwwer Antiatomallianzen ze schwätzen, iwwert dat, wat am Moment amgaangen ass ze geschéien um regionale Plang, wou ech den 23. Abrëll d'Chance hat, op engem Treffe vun de Regiounen fir en atomfräit Europa derbäi ze sinn, wou sech Gedanke gemaach gouf, engersäits d'Alternativen ze weisen, wéi een op 100% Erneierbarer geet, a mer anerersäits eben d'Chance haten, iwwer Haftung kënnen ze schwätzen, an drëtens eis ze organiséieren, fir méiglechst ze mobiliséieren, wann elo eng Zäitfenster do wär, fir dann och kënnen ze agéieren.

Op déi nächst Schrëtt hi vun den Allianzen ass et ganz kloer esou, dass mer den 11. an 12. Juni hei zu Lëtzebuerg wäerten an däitschsproochegen Ëmweltministeschtreff hunn. An do steet ebe grad eng Deklaratioun um Ordre du jour, déi mer wëlle mat de Partnerlänner maachen, fir eben an Europa d'Thema vun nuklearfräie Regiounen a Länner ze beschwätzen. Well mir hunn do mat Däitschland e Land, wat en Ausstigszenario huet, mat Eisträich e Land, wat en entspreichende Referendum huet, mat Liechtenstein eent, wat wéi mir och keng eegen Atomenergie huet. An ech mengen, dass dat grad de Punkt ass, wou een esou eppes kann aus der Wéi hiewen, a wou d'Eisträicher, déi jo eis Partner sinn an der Klo géint Hinkley Point, och mat eis wollten op dee Wee goen, dat do op den Ordre du jour ze setzen.

An dann hu mer eis inspiréiert, well da musse mer d'Geschicht jo weiderdenken. Mir hunn d'Regiounen. Déi mussen da connectéiert gi mat deene Länner, déi wëllen aktiv sinn. An da wär et wichtig, do déi Connexioun ze maachen. Och do ass et wierklech esou: Mir hu länneriwwergräifend do scho geschafft. 2016 gouf déi Allianz vun de Regiounen zu Bréissel gegrënnt. Do sinn Däitscher derbäi, do si belsch Regiounen derbäi, do sinn Eisträicher derbäi. An d'Lëtzebuurger hu sech vun Ufank u mobiliséiert. An och do wäert e Suivi kommen am September vun dësem Joer. An da wäerte mer mussen en Outreach maachen.

A vläicht eng Informatioun den honorabelen Deputéierten hei am Raum bezüüglech dem Asaz vu Lëtzebuerg: Mir versichen op allen Ebenen. An dofir hunn och eis Mataarbechter zu Bréissel rezent an der Ouschtervakanz en immensen Job gemaach, fir am Kader vun der Energieunioun an der Gouvernance en Atomwörderung, e pronukleare Wörderung erauszukréien, nach iert dat op Ministeschniveau kënnt.

An do hate mer awer d'Ënnerstéizung - an dat gëtt mer Hoffnung, dass mer déi Allianz nach kënnen méi grouss maachen - vun de Schweden, vun Irland, déi schonn ëmmer op eiser Säit mat dostinn, vun Eisträich, Griichenland a Portugal. An natierlech kënnen mer déi Allianz dann no an no erweideren. An ech hoffen, dass mer soumadder kënnen zesummen eng Stëmmung an Europa bréngen, dass eben den nukleare Wee net deen ass, dee mer sollte goen, mä dass mer sollten op 100% Erneierbarer setzen.

Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och. An d'Wuert huet elo d'Madamm Statssekretärin am Wirtschaftsministère.

► **Mme Francine Cloesener, Secrétaire d'État à l'Économie.** - Här President, sollt eise gréisste Stroumfournisseur net exklusiv grénge Stroum ubidden? Dat kléngt ganz gutt a jiddwerengem sengen Oueren! An et ass awer nach - nach! - net realistesch. Den honorabelen Deputéierten Henri Kox huet et jo selwer gesot. Laut EU-Direktiven an der Lëtzebuurger Legislatioun ka jiddweree zu Lëtzebuerg, ob Privatpersoun oder Betrib, sech säi Stroumliwwerant an deemno och säi Stroumprodukt fräi eraussich

chen. Et si 26 Stroumfournisseuren an Tëschenzäit zu Lëtzebuerg ugemellt. An déi, déi privat Menagen als Clienten hunn, déi beliwwere jo haut schonn exklusiv mat Stroum aus erneierbaren Energien. An de Lëtzebuurger Stéit gëtt et also haut scho just an exklusiv grénge Stroum.

Wat d'Betriber ugeet, ass et eben net esou einfach. Bei de groussen Industrie sinn d'Stroumpreisser e ganz wichtige Käschtefacteur. A well bei deene Clienté vill Konkurrenz ass, ass et och fir dee gréisste Stroumfournisseur net méiglech, fir nëmme grénge Stroum ze verkafen, well en ebe riskéiert, soss déi Clienten ze verléieren.

Trotzdem, an dat ass déi gutt Nouvelle, geet den Trend awer an déi richteg Richtung. Dem ILR no geet den Atomstrom, deen zu Lëtzebuerg verkaaft gëtt, drastesch zrëck. Den Undeel vum Stroum op Basis vun Atomenergie huet sech zanter 2011 méi wéi halbéiert. Deemools, also viru siwe Joer, louch den Undeel nach bei 25%. Haut si mer bei nach knapp 10%. Ech sinn also do ganz optimistesesch.

Dann zum Accord volontaire. Ronn 70 Betriber hunn deen Accord ënnerschriwwen. Do sinn och déi gréissten aus dem Land derbäi. Dat éischt Zil vun deem Accord ass jo, fir Energie ze spueren, fir datt d'Emissiounen reduzéiert ginn an domat och d'Käschten erofginn; also fir d'Éischt Energieeffizienz an dann de Rescht mat nohalteger Energie ofdecken.

Dat gesäit eben och deen neien Accord vir, deen Ufank d'lescht Joer ugelaft ass a méi ambitieus ass wéi dee vu virdrun. Esou hu sech d'Betriber zum Beispill engagéiert, fir 7% Energie iwwer eng Period vu véier Joer ze spueren, hir Leit ze forméieren. Zousätzlech muss jo och all Entreprise nach en Energieaudit maachen.

An enger nächster Phas ass et awer menger Meenung no duerchaus denkbar, fir ee Schratt weiderzegoen, an an deen nächsten Accord, deen a véier Joer fällg ass, Dispositiounen eranzehuele betreffend dee grénge Stroum.

Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och. Huet den Auteur vun der Fro nach eng Zousatzfro? En hat der jo dräi matenee gestallt.

► **M. Henri Kox (déi gréng).** - Neen.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Jo. Merci. Da wäre mer um Enn vun der Question élargie ukomm. A mer géifen dann zu de Gesetzesprojeten iwwergoen. Fir d'Éischt de Projet de loi 7214, eng Ofännerung vum Artikel 99 vum Kommunalgesetz. An d'Wuert huet direkt de Rapporteur, den honorabelen Här Yves Cruchten.

## 9. 7214 - Projet de loi portant modification de l'article 99 de la loi communale modifiée du 13 décembre 1988

### Rapport de la Commission des Affaires intérieures

► **M. Yves Cruchten (LSAP), rapporteur.** - Merci, Här President. Am Projet de loi 7214 geet et, wéi Der elo just sot, ëm eng Ëmännerung vun eisem Gemeengegesetz. Méi genee geet et hei ëm d'Kompetenzerweiderung vun den Agents municipaux.

Effektiv ass dëst Gesetz oder dës Ännerung um Gesetz néideg, well et eng Inkohärenz gëtt tëschent dem Gemeengegesetz an dem Code de la route. Während am Ablack am Gemeengegesetz drasteet, dass den Agents municipaux hir Kompetenz limitéiert ass op de Stationnement vun de Gefierer, esou gesäit awer de Code de la route op där anerer Säit dräi verschidde Fäll vir, an zwar nieft - ech soen et elo op Franséisch - dem „Véhicule en stationnement“ och nach den „Véhicule à l'arrêt“ respektiv den „Véhicule parké“. Fir all Onsicherheit aus de Féiss ze goen, ginn dës dräi Casde-figuren och elo am Gemeengegesetz iwwerholl.

Här President, mir waren eis och alleguerten an der Kommissioun eens, fir dës Präzisierungen dann an d'Gemeengegesetz ze schreiwen. An ech mengen och, duerfen hei am Numm vun eis alleguerte vun der Geleeënheet kënnen ze profitéieren, fir den Agents municipaux Merci ze soe fir hir wäertvoll Aarbecht, déi si all Dag am Déngscht vun der Allgemengheet leeschten. Mir wëssen näamlech alleguerten, dass déi Aarbecht mat Momenter net ëmmer einfach ass an dofir déi concernéiert Beamten et och verdéngt hunn, dass d'Gesetz, déi si concernéieren, kloer a präzis sinn an net duerfen zu Interpretatiounen féieren.

Ech soen lech Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och. An den éischte Riedner ass den Här Gilles Roth.

### Discussion générale

► **M. Gilles Roth (CSV).** - Merci, Här President, fir d'Wuert. Ech schlësse mech selbstverständlech de Mercien u vun dem Rapporteur Yves Cruchten, deem ech och Merci soe fir säi Rapport. En huet just eppes net gesot, wat ännert no bal 20 Joer, näamlech dass an Zukunft d'Agent-municipallen - mir soen am Lëtzebuergeschen „d'Pecherten“, ouni dass en si dat iwwelhuelen - net méi de Schäfferéit ënnerstinn, mä der Surveillance eleng vun dem Buergermeeschter.

An dat kënnt op eng Suggestioun vun dem Statsrot, deen, ech mengen, och richtegläit. Firwat? Mä well de Buergermeeschter jo op der Gemeng zoustänneg ass fir den Ordre public, an dat zënter engem Dekret vu 1789.

Mir sinn als CSV och fir déi Erweiderung vun de Kompetenz vun de Pecherten. Dat hei geet méi wäit, wéi dat an dem Gesetzesprojet esou steet, well d'Pecherte sinn an Zukunft zoustänneg fir de gesamte rouende Verkéier. Zum Beispill eng Infraktioun, déi e Pechert bis elo net konnt feststellen, dat ass, wann ee säin Auto während 48 Stonnen zum Beispill op enger Parkplaz stoe léisst. Dann huet e missen d'Police ruffen, well do konnt e selwer net aktiv ginn. Dat ass an Zukunft méiglech.

D'CSV ass doriwwer eraus awer fir eng Erweiderung generell vun de Kompetenz vun de Pecherten, fir zum Beispill déi sougenannten „Incivilitäten“. Ech hunn nach kee richteg lëtzebuergesch Wuert derfir fonnt, obschonn ech dat dem Numm verflüchtend scho misst maachen. Zum Beispill bei Hondsdrecker. Zum Beispill wa Leit, wat de Moment oft de Fall ass, méien op engem Samschdeg, op engem Sonndeg, obschonn et verbueden ass duerch d'Gemengereglementer, zum Beispill wann Hecken iwwer en Trottoir stinn an déi ginn net geméit. Dat si Saachen, do sot Der: „Dat si kleng Infraktiounen.“ Et reegt d'Leit awer dobaussen am dagdeegleche fuerchtbar op. A weder de Buergermeeschter kann handelen, nach de Pechert, well déi eenzeg, déi zoustänneg sinn, ass d'Police. An déi hunn net déi néideg Mëttel en termes humain, fir aktiv ze ginn.

Mir sinn also nach wie vor derfir, dass eng Erweiderung op aner Infraktiounen fir d'Pecherte ka kommen.

A wat mer eigentlech bedauern, dat ass, dass d'Regierung net mat op de Wee gaangen ass, deen de Conseil d'État a sengem Avis iwwert déi sougenannte Sanction-administrativ virgezechent huet, näamlech dass e System kéint geholl ginn äänlech wéi bei de Radaren, näamlech eng Amende forfaitaire automatisée. Dat heescht, dass, wann e Pechert eng Infraktioun feststellt, dass da geschriwwen gëtt, dass déi betreffend Persoun, ech soen, eng Aart Avertissement heem kritt. A wann en déi bezilt, dann ass dat geregelt. Dat ass äänlech wéi eng Transaktioun. An et ass nëmme, wann en net dermat d'accord ass, dass en da selwer muss d'Initiativ huelen, fir bei d'Justiz ze goen, an dësem Fall op d'Zuchtpolizegeriicht.

Mir fannen, dass dat e System ass, deen de Conseil d'État virgezechent huet, deen an déi gutt Richtung geet. Mir kënnen deen och appuyéieren. A mir bedauern e bëssen, dass d'Regierung dat net opgegraff huet, fir an déi Richtung ze goen, well een eigentlech do, wat de Conseil d'État ugemierkt huet, de System vun der Kontroll vun der Justiz, de Procureur général, deen d'Surveillance huet vun den Agents municipaux, kéint bäibehalen an deenen Incivilitäten entgéintwirken.

An dat gesot, géif ech d'Zoustëmmung vun der CSV-Fraktioun zu dësem Projet de loi ginn. Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci dem Här Bal-Corapporteur.

### (Hilarité)

Neen, et ass e kleng Clin d'œil. An d'Wuert huet elo direkt den Här Gusty Graas.

► **M. Gusty Graas (DP).** - Merci, Här President. Ech mengen, hei ass zwar eng ganz kleng Ëmännerung, déi mer vum Gemeengegesetz maachen, mä déi awer ganz wesentlech an och ganz richtig ass. Ech wëll och kuerz enchainéieren un dat, wat den Här Roth hei gesot huet. Ech mengen, dat iwwerschnéit sech zu engem gudden Deel mat deem, wat d'Demokratesch Partei och denkt. Och mir sinn der Meenung, datt d'Agent-municipallen sollen nach erweidert Kompetenz kréien. An et si jo genuch Kolleegen heibannen, déi och Kompetenzen um lokalen Niveau hunn. Déi wëssen, wéi problematesch datt et effektiv ass, fir d'Polizeireglementer, d'Kommunalreglementer ze iwwerwaachen.





Wann een haut d'Polizei rífft - an dat ass awer elo selbstverständlech net pejorativ gemengt; mir wëssen, datt dat aner Ursaachen huet -, da si se net ëmmer bereet, fir op d'Plaz ze kommen. Mir musse feststellen, datt et leider an eiser Gesellschaft ëmmer méi Leit gëtt, déi mengen, si hätten hiren eegene Code de la route, si hätten hir eege Reglementer.

An dat bréngt natierlech och ganz vill Onze-friddenheet um Niveau vun de Lokalpopulatione mat sech. Dowéinst ass et wichteg, datt mer awer an Zukunft vläicht eng Autoritéit kréien, déi méi Kompetenz kritt bei der Iwwerwaachung virun allem, wéi gesot, vun de Gemengereglementer. Well och de Bierger do-bausse muss verstoen, datt, wann e Gemengero-rot e Reglement hëlt, datt dat net nëmmen ass, fir de Pabeier ze schwärzen, mä datt dat och ass, fir respektéiert ze sinn. A wann ee mengt, dat misst net de Fall sinn, dann ass awer och de Responsabelen, d'Autoritéit um lokale Plang, um nationale Plang, gefuerdert, fir déi néideg Moossnamen an d'Wee ze leeden.

An deem Sënn, wéi gesot, kënnen mir dat heiten nëmme guttheeschen. Ech bréngen den Accord vun der DP, wëll awer och dem Yves Cruchten nach Merci soe fir seng verschide Rapporten.

Merci.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci. Den Här Cruchten.

► **M. Yves Cruchten (LSAP).**- Jo, ech maachen dat dës Kéier richteg, hein.

(**Hilarité et brouhaha général**)

Et ass natierlech kloer, dass mer och als LSAP-Fraktioun den Accord zu deem Gesetz ginn. An ech wëll awer vläicht just dann och profitéieren, opgrond vun deem, wat den Här Roth och elo gesot huet, fir awer nach eng Kéier soen, dass jo e Gesetzesprojet, de Projet de loi 7126 iwwert d'Sanctions administratives, ënnerwee ass, dass d'Regierung dozou och nach Amendementer nogescheckt huet, soudass mer souwisou hei nach an der Chamber an an der Kommissioun wäerten d'Geleeënheet kréien, fir iwwer all déi Saachen, déi hien ugeschwat huet, ze diskutéieren.

Merci.

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Dann huet elo den Här Traversini d'Wuert.

► **M. Roberto Traversini (déi gréng).**- Merci, Här President. Ech mengen, hei ass alles gesot. Heimadder bréngen ech den Accord vun der grénger Fraktioun.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci. Den Här Baum huet d'Wuert.

► **M. Marc Baum (déi Lénk).**- Merci, Här President. Och mir ginn eisen Accord. Et ass effektiv eng Kompetenzerweiderung vun de Pecherte fir de gesamte rouende Verkéier, déi, mengen ech, richteg ass a mat där mer och liewe kënnen. Och wann ech d'Begeeschterung fir dee Gesetzesprojet, deem den Ament nach an der Maach ass, net esou honnertprozenteg deele kann, mengen ech, datt mer an Zukunft nach wäerten dorobber ze schwätze kommen.

Ech sinn och e bësse méi skeptesch, wat déi zweet Ännerung ugeet, nämlech datt d'Agent-municipallen elo ënnert der ausschliesslecher Responsabilitéit/Autoritéit vum Buergermeeschter sinn, well dat stellt awer och, mengen ech, an Zukunft fir d'Komposition vu Schäfferéit Froen: Wat ass dann d'Kompetenz vun engem Mobilitéitsschäffen, wann een Deel vun der Mobilitéit, wou jo awer d'Agent-municipallen derzou gehéieren, dann net méi bei engem Schäfte läit, engem bestëmmte Schäfte, mä beim Buergermeeschter?

Dës Remark bäigefüügt, gi mer awer, wéi gesot, och nach den Accord zu deem Projet.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci. Da géif ech dem Ausseminister d'Wuert ginn, deem elo fir e puer Momenter Innenminister ass.

► **Plusieurs voix.**- Aah!

**Prise de position du Gouvernement**

► **M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et européennes.**- Merci, Här President.

(**Brouhaha général**)

Also, ech hunn den Optrag, fir zwou Saachen ze soen.

► **Plusieurs voix.**- Pscht!

► **M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et européennes.**- Dat Éischt, dat ass, dass den Här Cruchten eng ganz gutt Aarbecht

gemaach huet, e wonnerbare Rapport, an och immens gutt hei geschwat huet.

(**Hilarité**)

An da wollt ech soen, dass den Innenminister ganz frou ass,...

(**Hilarité**)

...dass elo beim Unhalen a beim Erausklammen an Eraklappen a beim Parken op virgesinnene Parkplazen d'Agent-municipallen, dass déi elo...

(**Hilarité**)

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Ech mengen, Dir gitt ganz séier erëm Ausseminister.

► **M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et européennes.**- Neen.

(**Hilarité**)

...dass si och elo kënnen (veuillez lire: dass si och elo kënnen Avertissements taxés ausstellen, an dass dëst Gesetz) - passt op, et ass nach net fäerdeg! -,...

(**Hilarité**)

...a Concertatioun mat der Police, der Sécurité intérieure, mam Interieur, mat der Justiz, mam MDDI, mat der Ville de Luxembourg, mam Syvicol a mat der ASAM - dat ass d'Gewerkschaft vun de Pecherten -, eng grouss Verbesserung ass.

Merci.

(**Brouhaha général et hilarité**)

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci och. An dann, mengen ech, si mer prett, fir zur Ofstëmmung iwwert de Projet iwwerzegoen.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi 7214 et dispense du second vote constitutionnel**

D'Ofstëmmung iwwert de Projet 7214 fänkt un.

Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass elo eriiwwer.

De Projet de loi 7214 ass unanime ugehall mat 60 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: Mmes Diane Aehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes (par M. Laurent Mosar), Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen et Mme Cécile Hemmen;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Eugène Berger, Frank Colabianchi, Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn (par M. Claude Lamberty), Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter, Sam Tanson et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Ass d'Chamber d'accord fir d'Dispens vun zweete Vott?

(**Assentiment**)

Merci. Dann ass dat esou decidéiert.

Den nächste Punkt vum Ordre du jour ass de Projet de loi 7175, een Ofkommes mat Italien an eent mat Rumänien, wat de gemeinsamen Austausch vu klassifizierten Informatiounen ugeet. An d'Wuert huet direkt d'Rapportrice, d'Madamm Claudia Dall'Agnol.

## 10. 7175 - Projet de loi portant approbation de

**1° l'Accord entre le Gouvernement du Grand-Duché de Luxembourg et le Gouvernement de la République italienne concernant l'échange et la protection réciproque d'informations classifiées, fait à Rome le 20 avril 2017;**

**2° l'Accord de sécurité entre le Gouvernement du Grand-Duché de Luxembourg et le Gouvernement de Roumanie sur la protection réci-**

## proque des informations classifiées, signé à Bucarest, le 24 mai 2017

**Rapport de la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Défense, de la Coopération et de l'Immigration**

► **Mme Claudia Dall'Agnol (LSAP), rapportrice.**- Jo, Merci, Här President. Här Ausseminister, léif Kolleeginnen a Kolleegen alleguerten, Dir Dammen an Dir Hären, bei dësem Projet de loi geet et, wéi den Här President elo grad richtig sot, ëm zwee Accorden iwwert den Echange an ëm d'Protektioun vun de klassifizierten Informatiounen, wéi mer der awer an der Vergaangenheet schonn eng ganz Partie hei gestëmmt hunn.

Dee leschte Vott dozou, deem hate mer de 14. Juni 2016 geholl, wou mer d'Accorde mat Groussbritannien an och mat Zypern hei gestëmmt hunn. Dës Kéier geet et dann, wéi och de President scho richtig sot, ëm den Accord mat Italien an ëm den Accord mat Rumänien. Déi zwee Accorde schafe jeeweils de rechtliche Kader, deem den Austausch an de Schutz vu klassifiziertem Material vun de Vertragsparteie regelt.

Fréier, ech géif soen, bis nom Enn vum Kale Krich, do gouf d'Notioun vum „Protection des informations classifiées“ éischer an engem méi militäreschen Zesummenhang gebraucht. Haut ass dat Ganzt e bësse méi differenzéiert, och well mer verstärkt mat neien, oft vläicht man-ner visibele Menacë konfrontéiert ginn.

Éischters, zum Beispill d'Menacen am Beräich vun der Sécherheet natierlech, Terrorismus, Proliferatioun vu Massevernichtungswaffen, regional Konflikter an der Welt an natierlech och d'organiséiert Kriminalitéit.

Den zweeten Typ vu Menacen, an dat sinn déi, wou et ëm eise Patrimoine économique, financier an och scientifique geet. An do handelt et sech dann ëm Industrie- an Technologiespionage. Laut der Global Economic Crime Survey vun 2018 hunn 42% vun eise lëtzebuergesche Betriber ugin, schonn d'Zil vu Cyberkriminalitéit gewiescht ze sinn.

Dës Menacen, déi sinn also ganz reell. An dofir ass et ëmsou méi wichteg, dass mer an deem Beräich ebe besser zesummeschaffe kënnen. Mir wëssen an deem Zesummenhang och, dass mer haut um europäeschen Niveau vill Programmer am Beräich vun der haute Technologie hunn. An all déi Programmer sinn natierlech mat villen, oft sensibelen Informatiounen verbonden. Wann een als Land also wëllt un esou Programmer deelhuele, da muss een de Partnerlänner natierlech och kënnen garantéieren, dass hir sensibel Informatiounen zu Lëtzebuerg genausou gutt protegéiert sinn, wéi dat an hirem Land de Fall ass.

D'Basis vun dëse bilateralen Accorden ass ge- luecht ginn duerch d'Gesetz vum 15. Juni 2004 „relative à la classification des pièces et aux habilitations de sécurité“. Duerch dat Gesetz huet Lëtzebuerg sech e juristesche Kader gi fir d'Klassifizierung vu sensibelen Informatiounen: Wéini muss esou en Dokument klassifizéiert ginn? Wéi eng Geheimhaltungsstufe gëtt et? Wien dierf esou eng Klassifizierung virhuelen? A wien huet och Zougrëff op d'Material?

Et ass vläicht och nach wichteg ze bemierken, dass et net nëmmen där tëschestaatlech Ofkommesse fir de Schutz an den Echange vu klassifizéierte Piëcen an Informatiounen gëtt, mä et gëtt natierlech och multilateral Protektiounsregimier, zum Beispill am Kader vun der NATO, der ESA an natierlech och vun der Euro-päescher Unioun.

Wat elo déi tëschestaatlech Ofkommessen ubelaangt, esou sief och nach erwänt, dass mer, wéi ech am Virfeld scho sot, eng ganz Rei vun esou Accorde scho mat Drëttstaaten hei gestëmmt, also ofgeschloss hunn, zum Beispill mat eisen Nopeschlänner Frankräich, Däitschland an der Belsch, mä och mat Lettland, Portugal, Spuenien, mat der tschechescher Republik, Eisträich, Schweden, der Slowakei, Finnland, Slowenien, Estland, Georgien a Kroatien. An 2006 hu mer, wéi ech ufanks scho sot, dann och nach Accorde mat Polen, Groussbritannien an Zypern gestëmmt.

Wann Der lech nach erënnere kënn, dann hu se eis deemools, 2006, an der aussepolitescher Kommissioun scho gesot gehat, dass och...

(**Interruption**)

Da waart Dir wahrscheinlech den Dag net an der aussepolitescher Kommissioun.

Mä déi, déi do waren, déi kënnen sech sécher nach drun erënnere, wat 2016 do gesot gouf, nämlech datt den Accord mat Italien och fäerdeg verhandelt war. Trotzdem huet et dann nach bis Abrëll 2017 gedauert, bis dësen Accord dann och offiziell ënnerschrifwe konnt ginn.

Déi Accorden, déi hu praktesch ëmmer deem nämlechten Opbau. An duerfir ginn ech dann

och elo net an den Detail oder an all eenzelnen Detail an. Wesentlech bei esou Accorden ass, datt all Vertragstat déi néideg Mesuren hëlt, fir d'Protektioun vun dëse klassifizierten Informatiounen, déi echagéiert ginn, ze garantéieren. Eng klassifizéiert Informatioun, déi ee vun engem Stat kritt an déi engem bestëmmten Niveau de sécurité entsprécht, déi kritt och deeselwechte Protektiounsniveau wéi déi eege klassifizéiert Informatiounen an deem bestëmmten Niveau de sécurité.

Fir dass dat an der Praxis och geschéie kann, erhält den Accord en Tableau d'équivalence vun de véier Niveaux de sécurité: „très secret“, „secret“, „confidentiel“ an „restreint“.

Mir hunn dee Projet eng éischte Kéier den 29. Januar an der aussepolitescher Kommissioun virgestallt kritt. Deen Dag gouf ech och zur Rapportrice vum Projet de loi genannt. De Statsrot huet de Projet de loi den 20. März 2018 aviséiert. An deem Avis hu mer dann den 30. Abrëll dëst Joer dann och an der zoustänneger Kommissioun gekuckt. Mäi schrëftleche Rapport gouf dann den 9. Mee dëst Joer an der aussepolitescher Kommissioun ugehall.

An ech hunn lech elo mäi mëndleche Rapport hei presentéiert. Domat ass meng Aarbecht als Rapportrice vun dësem Projet de loi gemaach. Et bleift mer just nach, den Accord natierlech vun de Sozialisten ze ginn zu dësem Projet an lech alleguerte Merci ze soe fir d'Nolauschteren.

► **Une voix.**- Très bien!

► **Une autre voix.**- Au vote!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci och. Den Här Mosar huet d'Wuert.

**Discussion générale**

► **M. Laurent Mosar (CSV).**- Jo, Merci der Madamm Rapportrice, der Madamm Dall'Agnol. Si huet dat esou iwwerzeegend gemaach. Et bleift mir just, den Accord vu menger Fraktioun ze bréngen.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci. Den Här Berger huet d'Wuert.

► **M. Eugène Berger (DP).**- Merci, Här President. Fir d'Éischt och, dass ech et net vergiesse, e grouse Merci un d'Rapportrice Claudia Dall'Agnol fir hiren exzellente Rapport, fir eis och un e puer wichteg Reunione vun der Kommissioun ze erënnere.

Ech mengen, wann een iwwert deem Accord hei kéint eng Iwwerschrëft schreiwen, da kéint ee soen, et ass „d'Lutte géint déi international Kriminalitéit, Terrorismus virun allem“. An do ass et wichteg, datt mer an Europa, mä dor-iwwer eraus, un engem gemeinsame Strang zéien, fir datt mer do kënnen schnell zesummeschaffen, reaktiv zesummeschaffen, awer och kënnen präventiv schaffen, andeems mer déi sensibel Donnéeën och da kënnen schnell echagéieren.

Ech mengen, an där Hisiicht ass dat also och eppes ganz Positives, e weidert Stéck an deem grouse Puzzle, wou dann och hoffentlech an den nächste Méint oder Joren nach aner esou Accorde kënnen ofgeschloss ginn, fir datt dat dann och wierklech flächendeckend a ganz Europa ka geschéien.

Dat gesot, ginn ech natierlech den Accord vu menger Fraktioun zu dësem Projet. Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci och. D'Madamm Loschetter huet d'Wuert.

► **Mme Viviane Loschetter (déi gréng).**- Här President, déi gréng schlësse sech de Mercien un a ginn den Accord zu dësem Projet de loi.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci. Den Här Kartheiser huet d'Wuert.

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).**- Jo, villmools Merci, Här President. Och vun eiser Säit aus der Madamm Dall'Agnol e grouse Merci fir hire Rapport.

Ech mengen, hei sinn zwou Bemierungen ze maachen.

Déi éischt ass: Mir hunn nach ëmmer e relativ luese Rhythmus, wat den Ofschloss vun dësen Accorden ugeet. Ech mengen, mir schwätze jo hei mat Recht vun der Lutte géint den Terrorismus. D'Madamm Dall'Agnol huet jo och eng Rei vu Menacen opgezéelt, mat deenen eis Entreprisë konfrontéiert sinn. Ech mengen, d'Utilitéit vun dësen Accorden ass onëmstridden. A wann eis Sécherheetsdëngschter, notamment de SRE an och anerer, mat auslänneschen Autoritéite wellen a mussen zesummeschaffen, da muss et do eben och garantéiert sinn, datt mer den Accès op déi Dokumenter kréien. A mir